N°4229
Entrée le 11.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude WISELER
President vun der Chambre
des Députés

Lëtzebuerg, den 11. Juni 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zu der Optimiséierung vun de Sportsinfrastrukturen un d'Madamm Ministesch fir Sport an den Här Educatiounsminister weider ze leeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3103 vum 27. November 2025 huet d'Regierung erkläert, datt d'Sportinfrastrukture vun de Lycéeën tëscht 80 % an 99 % ausgelaascht wieren an datt d'Koordinatioun tëscht Schoulen, Gemengen a Veräiner gréisstendeels op lokalem Niveau géif fonctionéieren. Gläichzäiteg gouf awer och betount, datt eng besser Optimiséierung vun de Sportsinfrastrukturen ugestrieft géif ginn, notamment fir Federatiounen a Veräiner wärend de fräien Nomëtteger, Weekender a Schoulvakanzen en erweiderten Accès ze erméiglechen.

Zënterhier hu verschidde Sportfederatiounen a lokal Veräiner awer weiderhi Schwieregkeeten ugemellt, fir reegelméisseg Zougang zu passende Sportsinfrastrukturen ze kréien, besonnesch ausserhalb vun de klassesche Schoulzäiten. Dobäi stellt sech och d'Fro, ob déi aktuell lokal Koordinatioun genuch ass, fir eng transparent an effikass Gestioun vun dësen ëffentlechen Infrastrukturen ze garantéieren.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Ministere stellen:

1. Wéi wäit ass d'Ëmsetzung vun der ugekënnegter Optimiséierung vun der Notzung vun de Sportsinfrastrukture vun de Lycéeë fortgeschratt zënter der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3103?

2. Wéi vill Demandë vu Veräiner oder Federatioune fir d'Notzung vu Sportsinfrastrukture vu Lycéeë goufen zanter November 2025 accordéiert respektiv refuséiert? Kann d'Regierung dës Donnéeën no Regioun oder no Typ vun Infrastruktur oplëschten?

3. No wéi enge konkrete Critèrë gëtt decidéiert, wéi eng Veräiner oder Federatiounen dës Infrastrukture kënne notzen? Besteet dobäi eng Prioriséierung no sportlecher Disziplin, Niveau vum Veräin oder regionalem Besoin?

4. Wéi gëtt d'Koordinatioun tëscht de Schouldirektiounen, de Gemengen an de concernéierte Sportfederatiounen organiséiert, a gesäit d'Regierung hei nach Verbesserungspotential?

5. Gesäit d'Regierung vir, an Zukunft eng national Plattform oder harmoniséiert Reegele fir d'Reservatioun an d'Gestioun vun dësen Infrastrukturen anzeféieren, fir den Accès fir d'Veräiner an d'Federatiounen ze vereinfachen an eng méi grouss Transparenz ze garantéieren?

Här President, ech bieden Äech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Charel Weiler**

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Martine Hansen, Sportsministesch an dem Här Claude Meisch Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro n° 4229 vum honorabelen Deputéierten Charel Weiler**

Der Äntwert op déi konkret Froe vum honorabelen Deputéierte sief d'Remarque virausgeschéckt, datt beim Plange vun neie Schoulsportinfrastrukturen de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an enkem Austausch mam Sportministère steet, fir eng optimal Notzung vun de Sportsinfrastrukturen ze garantéieren.

**1° Wéi wäit ass d'Ëmsetzung vun der ugekënnegter Optimiséierung vun derNotzung vun de Sportsinfrastrukture vun de Lycéeë fortgeschratt zënter der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3103?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3103 gesot, sinn all sportlech Infrastrukturen, déi an den Zoustännegkeetsberäich vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend falen (Sportshalen a Schwämmen), iwwert déi ganz Woch, tëscht 8:00 an 21:00 Auer, je no Regioun tëscht 82 % a 99 % ausgelaascht.

Eng weider Optimiséierung gouf net ugekënnegt. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an de Ministère fir Sport wäerten awer probéieren méi geziilt di limitéiert fräi Plagen ausserhalb de Schoulzäiten ze erfaassen an ze analyséieren ob do weider Notzunge fir Veräiner méiglech wären. Wuelwëssend dass zu Schoulzäiten all Halen zu 100% voll sinn an och vill Schoulen di lescht Joren Efforten gemaach hu fir Disponibilitéiten fir Veräiner ze fannen, notamment mam Astellen vun Portieren déi eng mei laang Ouverture kenne sécher stellen.

**2° Wéi vill Demandë vu Veräiner oder Federatioune fir d'Notzung vu Sportsinfrastrukture vu Lycéeë goufen zanter November 2025 accordéiert respektiv refuséiert? Kann d'Regierung dës Donnéeën no Regioun oder no Typ vun Infrastruktur oplëschten?**

D'Servicer vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend hu Kenntnis vun enger eenzeger Demande, déi allerdéngs nach net traitéiert ginn ass.

**3° No wéi enge konkrete Critèrë gëtt decidéiert, wéi eng Veräiner oder Federatiounen dës Infrastrukture kënne notzen? Besteet dobäi eng Prioriséierung no sportlecher Disziplin, Niveau vum Veräin oder regionalem Besoin?**

**4° Wéi gëtt d'Koordinatioun tëscht de Schouldirektiounen, de Gemengen an de concernéierte Sportfederatiounen organiséiert, a gesäit d'Regierung hei nach Verbesserungspotential?**

**5° Gesäit d'Regierung vir, an Zukunft eng national Plattform oder harmoniséiert Reegele fir d'Reservatioun an d'Gestioun vun dësen Infrastrukturen anzeféieren, fir den Accès fir**

**d'Veräiner an d'Federatiounen ze vereinfachen an eng méi grouss Transparenz ze garantéieren?**

Mir verweisen op déi gemeinsam Äntwerten op d'parlamentaresch Fro N° 3103.

D'gemeinsam Notzung vu Sportsinfrastrukturen tëscht Schoulen a Sportsveräiner gëtt aktuell haaptsächlech iwwert lokal Ofkommessen tëscht de Schoulen, de Gemengen an de concernéierte Veräiner gereegelt. D'Schouldirektioune sinn ugewisen, eng optimal Auslaaschtung vun de staatlechen Infrastrukture sécherzestellen.

Et ass zu dësem Zäitpunkt net ugeduecht eng national Plattform oder harmoniséiert Regelen en place ze setzen fir d'Reservatioun an d'Gestioun vun de Sportsinfrastrukturen.

**Lëtzebuerg, den 13 Juli 2026**
D'Sportsministesch
(s.) Martine Hansen